N°4428
Entrée le 13.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vun der Delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 4428 vum 10. Juli 2026 vun der honorabeler Deputéiert Alexandra SCHOOS.**

**1) Wéi bewäert d'Regierung den offensichtleche Widdersproch tëscht der Recommandatioun, fir a Krisesituatiounen en UKW/FM-Radio ze hunn, an dem gläichzäitegen Ersatz vum UKW-Reseau duerch DAB+? Op wéi enger nationaler Strategie oder wéi engem konkrete Plang baséiert dës Transitioun aus Siicht vum Zivilschutz?**

D'Regierung huet de Moment net vir d'UKW/FM Radiodiffusioun an ze stellen. D'Aféierung vun DAB+ ass virun allem doduerch motivéiert ginn, datt d'UKW-Band saturéiert ass, an nëmme nach begrenzte Méiglechkeete bitt, fir nei FM Programmer ze diffuséieren. DAB+ erlaabt et d'Offer vu Radiosender auszebauen an der technologescher Entwécklung am Beräich vun der Radiodiffusioun Rechnung ze droen. Den DAB+ ass deemno als Ergänzung an net als Ersatz vum der besteeënder UKW/FM-Diffusioun ze gesinn.

**2) Wéi eng Garantië ginn et, datt DAB+ am Fall vu groussflächege Stroumausfäll oder anere Krisesituatiounen op d'mannst déi selwecht Zouverlässegkeet an eng landeswäit, flächendeckend Reechwäit garantéiert ewéi den aktuellen UKW-Reseau? Ginn et dozou ëffentlech disponibel Ofdeckungskaarten, och fir Indoor-Empfang an Empfang an Tunnellen?**

Fir den DAB+-Reseau sinn héich Ufuerderungen u Resilienz an Disponibilitéit fir déi wichtegst Sitte virgesinn. D'Infrastrukture mussen hei ënner anerem iwwer eng Redundanz vum Typ „hot-standby" fir all aktiv Equipementer verfügen, fir eng héich Disponibilitéit vun de Programmer, och a Krisesituatiounen, sécherzestellen. Den Empfang vum aktuellen DAB+-Multiplex ass an all den Tunnellen assuréiert.

Well den Ausbau vum nationale DAB+-Reseau nach net ofgeschloss ass, stinn nach keng definitiv Ofdeckungskaarten zur Verfügung.

**3) Huet d'Regierung eng Risikoanalys duerchgefouert, déi d'Auswierkunge vun enger UKW-Ofschaltung op d'Krisekommunikatioun ënnersicht? Falls jo, wéi eng Conclusioune goufen doraus gezunn? Goufen dobäi och Zenarien ewéi Blackout, Cyberattack, Ausfall vum Mobilfunknetz, regional Iwwerschwemmungen oder eng Stéierung vun de Senderinfrastrukture berécksiichtegt?**

Et ass wichteg iwwer divers Kommunikatiounsmëttel ze verfügen, fir d'Kommunikatioun tëscht de verschiddenen Acteuren an der Bevëlkerung sécherzestellen, och a Krisesituatiounen oder am Fall vun gréisseren techneschen Ausfäll.

An deem Kontext gehéiert d'Radiodiffusioun och zu de wichtegen Instrumenter vun der Krisekommunikatioun. Besonnesch am Fall vu méi laange Stroumausfäll kann de Radio ee vun de wéinege Kommunikatiounsmëttele bleiwen, déi nach operationell sinn, well fir déi wichtegst Senderstanduerter eng Noutstroumversuergung installéiert ass. Den HCPN setzt do dernieft op e Set vu robusten a komplementare Kommunikatiounssystemer.

**4) Wéi gesäit den Zäitplang fir de kompletten Ersatz vum UKW/FM-Reseau duerch DAB+ zu Lëtzebuerg aus, am Verglach zu deem an eisen Nopeschlänner (BE, FR, DE), déi aktuell nach op eng**

**Simulcast-Approche (UKW + DAB+) setzen? Wéi eng Erfarungen aus anere Länner fléisse mat an déi lëtzebuergesch Entscheedung?**

Et gëtt, wéi scho gesot, zu dësem Zäitpunkt kee Plang fir d'UKW/FM-Radiodiffusioun zu Lëtzebuerg an ze stellen.

**5) Plangt d'Regierung, den UKW-Radio op d'mannst fir de Katastrophen- an Zivilschutz weider oprecht ze erhalen? Falls net, firwat net? Wa jo, fir wéi laang a mat wéi engem minimale landeswäite Service-Level?**

Et gëtt op d'Äntwert op d'Fro 4 verwisen.

**6) Wéi eng Recommandatioune gëtt d'Regierung de Bierger, déi sech am Vertrauen op d'Resilienz-Recommandatiounen en UKW-Radio ugeschaaft hunn oder sech een uschafe wëllen? Recommandéiert d'Regierung kloer, just nach kombinéiert FM-/DAB+-Noutfallradioen ze kafen?**

Am Kader vun der Campagne „Lëtz Prepare", déi fir den Oktober virbereet gëtt, wäert d'Recommandatioun sécherlech sinn, beim Kaf vun engem Noutfallradio drop opzepassen, datt dësen déi verschidden Emfangstechnologien ënnerstëtzt. Doduerch gëtt d'Redundanz erhéicht, well de Radio jee no Situatioun op déi Technologie zeréckgräife kann, déi dee beschten Empfang garantéiert. Fir Persounen, déi schonn haut en Noutfallradio ouni DAB+ besëtzen, bedeit dat awer net, datt si hire Radio mussen austauschen. Wéi schonn ugeschwat, ass et de Moment net virgesinn, déi analog UKW/FM-Radiodiffusioun an ze stellen . Dobäi ass och ze bemierken, datt déi um Marché disponibel DAB+-Radioen an der Reegel zousätzlech iwwer en UKW/FM-Empfänger verfügen.

**7) Gouf gepréift, ob eng exklusiv Disponibilitéit vun DAB+ am Krisefall d'Versuergung vun der Bevëlkerung mat offiziellen Informatioune kéint beaflossen, besonnesch a Grenzregiounen oder bei ageschränkter Netzdisponibilitéit? Wéi gëtt an esou engem Fall mat Persounen ëmgaangen, déi keen DAB+-Empfänger hunn oder an hirem Auto nëmmen UKW empfänke kënnen?**

Et gëtt op d'Äntwert op d'Fro 4 verwisen.

**8) Ass eng formaliséiert Zesummenaarbecht tëscht Staat, CGDIS, Gemengen an de lokalen FM-Radiosendere virgesinn? Falls net, firwat net? Falls jo, wéi schätzt d'Regierung d'Wichtegkeet an, lokal Radiosenderen am Kader vun der Resilienzstrategie mat anzebannen, virun allem fir déi verschidde Regioune vu Lëtzebuerg ofzedecken an an enger Krisesituatioun och geziilt Informatiounen un eenzel betraffe Regiounen ze vermëttelen?**

D'Krisekommunikatioun notzt all verfügbar Kommunikatiounskanäl, dorënner den nationale Warnsystem LU-Alert, verschidden Internetsäiten, déi sozial Medien souwéi d'Kommunikatioun mat der Press. Dës geschitt ënner anerem iwwer Pressecommuniqueeën oder duerch reegelméisseg Pressebriefingen am Verlaf vun enger Kris. Speziell am Fall vun enger groussflächeger Stroumpann besteet eng direkt Verbindung tëscht dem Krisenzenter vum HCPN an dem Bedreiwer vun den Sender Infrastrukturen (fir d'Radiosenderen mat engem ëffentlech-rechtlechem Optrag: RTL Radio Lëtzebuerg an Radio 100,7), fir eng séier an effikass Informatioun vun der Bevëlkerung ze garantéieren.

**9) Wéi laang kënnen déi wichtegst UKW/FM- an DAB+-Senderen am Fall vun engem Stroumausfall autonom iwwer Noutstroum, Batterien oder Generatore weider funktionéieren? Ginn et verbindlech Mindestufuerderunge fir d’Autonomie vun dësen Infrastrukturen?**

Déi Haaptsenderstanduerter si mat Noutstrouml éisungen equipéiert, déi et erlaben, och méi laang Stroumausfäll ze iwwerbrécken an d'Verbreedung vun de Programmer oprecht ze erhalen.

**10) Sinn ëffentlech Institutioune wéi Spideeler, Altersheemer, Schoulen an Zivilschutzzentre schonn zu 100% mat DAB+-Empfangsapparater ausgestatt?**

Well den DAB+ als Ergänzung zu den existente Verbreedungstechnologien ausgebaut gëtt, ass et à ce stade net néideg, datt déi betraffe Strukturen hir aktuell Geräter ersetzen.

**11) Ginn et technesch Tester oder Krisenübungen, bei deenen d’Informatioun vun der Bevëlkerung iwwer UKW, DAB+, Mobilfunk, Internet, Sireenen an aner Warnsystemer zesumme getest gëtt? Falls jo, wéini war déi lescht Übung a wat waren d’Resultater?**

Zënter der Aféierung vum nationale Warnsystem LU-Alert ginn all Mount Tester vun dësem System duerchgefouert. Dat selwecht gëllt och fir d’Sireenesystem. Bei deenen anere Kommunikatiounssystemer si keng speziell technesch Tester néideg, well dës schonn am Alldag fir d’Verbreedung vun Noriichten an aner Informatioune genotzt ginn. Am Krisefall ännert sech dorunner näischt

**12) Huet d’Regierung Donnéeën doriwwer, wéi vill Stéit an Autoen zu Lëtzebuerg aktuell iwwer en DAB+-Empfänger verfügen, a wéi vill nach ausschliisslech FM/UKW benotzen? Falls net, plangt d’Regierung esou Donnéeën ze erhiewen, éier weider UKW-Senderen ofgeschalt ginn?**

Den Europäesche Code fir elektronesch Kommunikatiounen (EECC) gesäit vir, datt all nei Gefierer, déi zënter 2021 an der Europäescher Unioun op de Marché kommen, mat engem DAB+ Radio equipéiert musse sinn. Der Regierung leien keng detailléiert Donnéeën doriwwer vir, wéi vill Stéit aktuell iwwer en DAB+-Empfänger verfügen oder ausschliisslech UKW/FM benotzen.

**13) Ass garantéiert, datt offiziell Noutfallmessagen iwwer DAB+ och op eng Manéier ausgestraalt kënne ginn, déi op de meeschtverbreeten Apparater tatsächlech ugewisen oder héierbar sinn? Wéi eng technesch Standarden oder Funktioune fir Warnmeldunge sinn am nationalen DAB+-Reseau virgesinn?**

Fir Noutfallmessagen ze empfänken, si keng speziell technesch Viraussetzungen erfuerdert. D'Programmer an d'Messagen kënnen op den DAB+-Geräter, déi um Marché disponibel sinn, empfaange ginn. Normalerweis wiesselt en DAB+ Radio am Auto automatesch op déi Empfangstechnologie, déi op der jeeweileger Plaz dee beschten Empfang bitt. Dëst dréit zousätzlech zu engem méi zouverlässege Radiosempfang bäi.

**14) Wéi wëll d’Regierung sécherstellen, datt déi digital Transitioun am Radioberäich net zu enger sozialer oder regionaler Ausgrenzung féiert, besonnesch bei eelere Leit, Leit mat niddregem Akommes oder Persounen, déi op einfach an zouverlässeg Apparater ugewise sinn?**

Et gëtt op d'Äntwert op d'Fro 4 verwisen.

15) **Ass d'Regierung bereet, den Ersatz vun UKW/FM duerch DAB+ ze pauséieren, bis eng transparent, ëffentlech Risikoanalys virläit an eng gläichwäerteg oder besser Krisekommunikatioun iwwer DAB+ nohalteg nogewise gouf?**

Et gëtt op d'Äntwert op d'Fro 4 verwisen.

Lëtzebuerg, den 13. August 2026.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN